

# Rapport vun der Kommissioun fir de Klima a nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 18 Mäerz 2024

## Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Patrick EVERARD	Thierry EVERAD (entschëllegt)	
Carlo KOEPP (Rapport)	Paul MANGEN (entschëllegt)	
Patrick KRAEMER	Emile SPLICKS	
Louis MALHERBE	Pascal WIRTZ (entschëllegt)	
Louis MEYER		
Joske VOSMANN		
Carole WINTERSDORF		

## Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen ([developpement.durable@helperknapp.lu](mailto:developpement.durable@helperknapp.lu))  
an op [odj@helperknapp.lu](mailto:odj@helperknapp.lu) verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäftefrot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 22 Januar 2024
3. Versammlung "Green-Event" – Ëmwelt-Charta fir Veräiner
4. Klimapakt Haaptberäicher
5. Verschiddenes

## Punkt 1 : Begréissung, Präsenzëlëscht

Et waren 7 Memberen präsent an 3 hate sech entschëllegt.

## Punkt 2 : Rapport vum 22 Januar 2024

De Rapport gouf eestëmmeg acceptéiert.

Zum Punkt 5. D' Carole hat iwwert den schlechten a rëtschegen Zoustand vum Bricher "Auto-Pédestre" geschwat, dee tëschent den Haiser 8 an 8A op de Koulbiech geet. Dës Kéier huet et Fotoen zirkuléieren gelooss déi dat beleeeën. Et besteet Handlungsbedarf, well de Circuit besteet zum Deel aus schmuelen Pied, déi plazeweis glëtscheg sinn, an duerch Straich déi era wuessen nach méi enk sinn.

## Punkt 3 : Green Event an Ëmwelt Charta fir d' Veräiner

Um Helpermaart soll dëst Joer probéiert ginn, zesummen mat de bedeelegten Veräiner, fir de Fuerderung' s Katalog vum **Green Event** proufweis aus ze probéieren.

E Spullweenchen an zousätzlecht lessgeschier goufen kaf, a ginn vun eiser Gemeng zur Verfügung gestallt.

Ab 2025 däerf keen wegwerf Geschier méi benotzt ginn. An dem Kontext koume mir op d' Fritten Barquetten aus Kartong, an duerch wat een déi kann ersetzen?

Als Alternativen hu mir u Barquetten aus Porzeläin, Metall (Inox) an Haartplastik geduecht. **De Plastik gouf unanime an der Sëtzung verworf.** Nodrëiglech Umierkung: No der Homepage vu Green Events ass Haartplastik aus Polypropylène zoulässeg.

Dës weideren besteet och d' Méiglechkeet vun der ECOBOX ze benotzen, déi awer och aus Haartplastik ass. All dëst Ännerungen verlaangen eng Ëmstellung, well domadder och Kautioun Gebueren ufalen, an et muss e Stand oder Plazen organiséiert ginn fir d' Geschier erëm zeréck ze bréngen a fir d' Kautioun ze rembourséieren.


Am Kader vun der Aféierung vun der **Ëmwelt Charta**, gouf nach kee konkreten Bilan gezunn wéi d' Veräiner no der Presentatioun an der Koll dozou stinn, a wéivill sech der eventuell schonn engagéiert hunn.

## Punkt 4 : Klimapakt Haaptberäicher

Den Klimapakt Audit war am Februar dëst Joer. An der Kommissioun wëlle mir an Zukunft un den Haaptberäicher mat den 64 Moosnamen schaffen, fir d' Gemeng an dësem Punkt z'ënnerstëtzen, a mir wiere fro fir d' **Resultat vum Audit**, wann et da virläit, **so schnell wéi méiglech iwwermëttelt ze kréien**. Da géife mir eventuell schonn an der nächster Reunioun domadder ufänken!

## Punkt 5: Divers

- Am Kader vum allgemengen Gespréich gouf de Punkt vun engem adequaten Vëlo' s Wee vu Brouch iwwert den Openthalt bis op Recken ugeschwat, an dat fir déi vill befueren N8 z'ëmgoen. Dëst betrëfft wuel méi d' Ëmwelt an/oder d' Feld- a Bëschwee Kommissioun. D' Bild ënnendrënner weist jiddefalls de Verlaf vum Wee.



Leider ass den roten Deel net befuerbar mam Vëlo, dorun misst geschafft ginn!

No Informatioun vum Louis Malherbe, soll de Wee an d' Rei gesat ginn!

- Ëmwelt-Subsiden: do waarde mir op e Retour vum Schäfferrot!

## Nächst Sëtzung

De nächsten Termin ass den **21 Mäi 2024 um 19h00** am Gemengerotssall.

Dagesuerdnung:

- 1) Resultater Klimapakt Audit
- 2) Äntwert zu eisen Subsiden Proposen
- 3) Bilan Ëmwelt Charta fir d' Veräiner no der Presentatioun an der Koll
- 4) .....

Wann dir weider Virschléi huet, schéckt se gären un eise President.